N°3589
Entrée le 09.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n° 3589 vum 04. Februar 2026 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen iwwer d' « Actifs de l'ancien gouvernement vénézuélien au Luxembourg»**

1) **Ass der lëtzebuergescher Regierung bekannt, ob an a wéi engem Ëmfang Kapital oder Verméigen, dat mat dem fréiere Staatschef Nicolás Maduro verbonnen ass, zu Lëtzebuerg gehal gëtt oder registréiert ass?**

2) **Wéi steet d'Regierung zum Afréiere vun de Finanzaktiva vum fréiere venezuelaneschen Diktator a senger Regierung?**

Am Beräich vun de Finanzsanktiounen, gëtt et, ouni ee legalen Text, op europäeschem Niveau oder op Säite vun der UNO, deen eng Persoun spezifesch viséiert, keng gesetzlech Basis, déi d'Operatéuren dozou verflicht, am Sënn vum Gesetz vum 19. Dezember 2020, d'Avoire vun enger Persoun anzefréieren a se beim Finanzministère ze mellen.

Lëtzebuerg wäert sech och an Zukunft u seng Engagementer op europäeschem an internationale Plang halen.

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth